# Sportsdeddessen Sponsoring

### Grand Garage Paul Wengler, Ettelbreck

Ee weidert Joer ënnerstëtzt eis dëst Joer nees de Grand Garage Paul Wengler als Haapsponsor bei eisen Aktivitéiten an Eventer. Nët nëmmen um Autosfestival, mee daat ganzt Joër iwwer kënnt dir beim Grand Garage Paul Wengler zu Ettelbreck gudd Affairen op neien an gebrauchten **Autoen** maachen. Ob Ford, Mustang, oder Aston Martin, denkt also bei ärem nächsten Autokaaf drun, dass mir als Sportsdeddessen do natiirlech och dovunner profitéieren!

### Agence Immobilière Abby Toussaint, Miersch

Falls der een Appartement oder een Haus sicht, respektiv ze verkaafen hutt, dann denkt och un eisen Haaptsponsor d'Agence Immobilière Abby Toussaint vu Miersch. Wann dir dem Abby een exklusivt Mandat gidd fir ärt **Appartement oder Haus** ze verkaafen respektiv ze verlounen, da spuert dir bei den Frais'en an d'Sportsdeddessen profitéieren och dovunner!

### Asport, Angelduerf a Wickreng

"Sport meets Fashion" an "Asport meets Sportsdeddessen". No zwee Joër erfollegräicher Zesummenaarbescht mam Asport, wëllen mer Iech och dëst Joër nach eng Kéier drun erënneren, dass dir als Memberen vun de Sportsdeddessen de Veräin aktiv kënnt finanziell ënnerstëtzen andeems der fläisseg beim Asport akaaft. Wann dir eng Asportkaart hutt, da kritt dir selwer 10% Reduktioun op der Rechnung an der Kees . Är Kaart muss da just nach beim Asport op "Sportsdeddessen" geflagt sin, a schon kréien d'Sportsdeddessen e klengen Prozentsaatz vum Total vun ären **Akeef** als Note de Crédit guddgeschriwwen, fir neit Matérial fir eise Veräin ze kaafen. Scheckt eis dofir och d'Nummer vun den Asportkaarten (respektiv d'Nimm an d'Adressen) vun ären Familienmemberen déi eng Asportkaart hun eran fir eis ze ënnerstëtzen. Am viraus schon ee groussen Merci dofir dass dir duerch den Akaaf vun neier **Sportsbekleedung**, neiem **Wantersportgeschier**, neiem **Velo** oder soss Saachen beim Asport och tatkräfteg d'Sportsdeddessen ënnerstëtzt!

### Reiff Masutt - Gulf, Marnach

De Wanter ass zwar knapp riwwer awer wann dir och geschwënn nees **Masutt** braucht fir ze hëtzen, dann denkt an Zukunft un Reiff Masutt vu Maarnech. Är Bestellungen bestëmmen wéivill finanziell Ënnerstëtzung dass d'Sportsdeddessen kréien. Dir braucht bei der Bestellung just ze soen, dass der Member vun de Sportsdeddessen sidd a scho kritt dir nët nëmmen ee besseren Präiss mee pro 1000 Liter Musutt déi vun eisen Memberen bestallt gin, do kritt eisen Veräin 10€ iwwerwisen!

**Summercup 2013 Sponsors:**